N° 5864
Reçue le 03.03.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 03.03.2022

CSV
FRAKTIOUN

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 3. Mäerz 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Zanter 2021 regroupéiert d'„Université populaire" ënner hirem Daach Annexe vun den dräi groussen Acteure vum Lifelong Learning: de „Service de la formation des adultes" (SFA), de „Centre national de formation professionnelle continue" (CNFPC) an den „Institut national des langues" (INL). Zil vun dëser sougenannter Vollekshéichschoul ass et, all ëffentlech Acteure vum liewenslaange Léieren zesummenzebréngen an esou eng Panoplie vu Konferenzen, Atelieren a Couren op verschiddene Plazen am Land unzebidden, aktuell zu Belval an um Kierchbierg, an deemnächst och – laut engem Zeitungsartikel – zu Bouneweg an zu Ettelbréck.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Educatiounsminister stellen :

- Wéi eng Servicer gehéieren nieft deenen uewe genannten Acteure vum Lifelong Learning nach zu der „Université populaire"?
- Wéi eng Bildungsoffer bitt d'„Université populaire" zu Belval respektiv um Kierchbierg am Konkreten un?
- Wéi eng Offer ass fir déi geplangten zousätzlech Annexen Ettelbréck an zu Bouneweg geplangt?
- Gëtt et ënnerschiddlech Offeren op deene respektive Standuerter?
    - Wa jo, op Basis vu wéi enge Critèren ass d'Offer definéiert ginn?
- Gëtt et doriwwer eraus nach Pläng fir weider Standuerter an anere Regioune vum Land?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Co-Fraktiounspresidentin

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 5864 vun der honorabeler Deputéiert Martine Hansen**

**Ad 1)**

D'Université populaire regroupéiert all déi ëffentlech Acteure vum Educatiounsministère, déi am Lifelong-Learning täteg sinn. Dat sinn:

- de Service de la formation des adultes;
- de Service de la Formation professionnelle mat dem Centre national de formation professionnelle continue;
- den Institut national des langues;
- d'École nationale pour adultes.

**Ad 2)**

D'Grondbildung fir Erwuessener gëtt op den zwee Sitten, Belval a Kierchbierg, ugebueden an awer och a verschiddene Lycéeën iwwert d'ganz Land. Dës Coursë riichten sech u Leit, déi wëlle besser liesen a schreiwen léieren, oder hir Grondkompetenzen ausbauen am Rechne respektiv am Digitalen. Dat selwecht zielt fir Coursen, déi sech speziell un DPI/BPI riichten.

Op deenen zwee Sitte ginn och Klasse vum zweete Bildungswee ugebuede fir Leit, déi wëllen hir Secondairesschoul nohuelen. D'Voie de préparation fir Erwuessener gëtt am Moment just um Kierchbierg ugebueden. Et ass awer virgesinn, d'nächst Joer och Klassen um Belval ze organiséieren.

De ganze Volet vun der allgemenger Formatioun an deene verschiddene Beräicher gëtt an enger éischter Phas elo um Belval ausgebaut an dann no an no op déi aner Sitten ausgeweit. Wat d'Sproochen ubelaangt, bitt den INL um Belval Däitsch, Englesch, Franséisch, Lëtzebuergesch a Spuenesch un.

Déi allgemeng Offer ass a follgend siwen Domainen opgedeelt, déi mir jeeweils mat e puer Beispiller illustréieren:

| | |
|---|---|
| **Langues** | *Deutsche Gebärdensprache DGS*<br>*Braille* |
| **Arts et artisanat** | *Magie*<br>*Réaliser des cartoons*<br>*Upcycling*<br>*3D-Printing* |
| **Activité physique et bien-être** | *Manutention*<br>*1er secours chez bébés et enfants*<br>*Introduction à l'Ayurveda* |

| | |
|---|---|
| **Citoyenneté et intégration** | *Cours "Vivre ensemble"*<br>*Instruction civique* |
| **Technologies de l'information et de la communication** | *Traitement d'images* |
| **Sciences naturelles et mathématiques** | *Astronomie*<br>*Ornithologie* |
| **Sciences humaines et sociales** | *Histoire de la musique*<br>*Schreibwerkstatt Literatur*<br>*Gérer sa propre entreprise*<br>*Élaboration d'un businessplan*<br>*Techniques de recherche d'un emploi au Luxembourg* |

D'Zil ass, d'Offere vun der Grondbildung a vum zweete Bildungswee esou gutt ewéi méiglech, an a Funktioun vun der Demande regional ofzedecken.

Wat déi allgemeng Formatioune wéi z. B. d'Landessprooche betrëfft, wäert et eng generell Offer ginn, déi allgemeng interessant ass, an dann awer och Offeren, déi spezifesch fir déi jeeweileg Regioun vum Site wäerten ugepasst ginn.

**Ad 3) a 4)**

D'Standuerter Bouneweg an Ettelbréck sinn a Planung. Des Weidere soll um Kierchbierg en neit Gebai entstoen, wou SFA an ENAD zesumme vertruede sinn, fir do all Synergien am Beräich vum zweete Bildungswee ze erschléissen. D'Objektiver vun de Standuerter vun der Université populaire an deene verschiddene Regioune sinn:

- Visibilitéit vun der Offer an der Regioun;
- Lokal Ulafstell fir erwuesse Leit, déi sech wëlle weiderbilden;
- Regional Koordinatioun vun der Offer;
- Regionalen Developpement vun der Offer;
- Regional Promotioun vun der Offer.

**Ad 5)**

Et ass virgesinn, a verschiddene Regiounen weiderhi méi enk mat de Lycéeën zesummenzeschaffen an déi als Site vun der Université populaire auszeweisen. Dëst gëllt och fir kommunal Strukturen.

Lëtzebuerg, de 25. Abrëll 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH